

Lëtzebuerg, den 9. Juni 2022

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„Den Här Minister huet an enger rezenter Pressekonferenz annoncéiert, dass op der A7 an allen Tunnelen Streckeradare sollen installéiert ginn.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*


- *Op wéi enge Plaze genee sollen dës Radaren installéiert ginn? Si just déi dräi länger Tunnelen op der Héicht vu Lëntgen, Luerenzweiler an dem Waldhaff concernéiert oder soll och ee Radar am Tunnel beim Krounebierg zu Miersch installéiert ginn?*
- *Wéi gesäit d'Zäitschinn aus fir dës Radaren z'installéieren?*
- *Wat ass de geschate Käschtepunkt heivun?*
- *Wéi vill Accidenter sinn an den Tunnelen op der A7 geschitt, zënter dës Streck 2015 fäerdeg gestallt gouf?*
- *Wat ass de Bilan vum Streckeradar tëscht Gonnereng an dem Waldhaff zënter dësen operationell ass? “*

Mat déiwem Respekt,

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu



Max HAHN  
Deputierten